DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

So' secher we' ons Bierger wénken
Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken

N°46. I. ten Féb. 1944.

C.W.O. II
BG 192
C.2 G.M.

## Letzeburger, dohém an ann der Frent ;

Göt um Gotteswellen besser uôcht wat der sot bei anere Leit, oft esô gur bei ere beschte Frönn. Nennt nie en Nuôm vu gude Patrioten, di sech em döt oder dat beköm̃eren. Hirt Liewen steht all Dag um Spill, eso bal vun hinne geschwat göt. Een den zevill schetzt a confidentiell Nimm nennt, ass gerad eso geféerlech wi e preisesche Spitzel. Also opgepasst, wat der a wuô der anere Leit eppes sot. Dir wösst jo gans gudd dass d'Preissen vun sech aus neischt können ; sie profiteeren nommen (leider ) vun den Denonciationen an der Onvirsechtegket vun de Letzeburger selver.
Et ass traureg, mais nach ze vill wô'er.
Mir könnten iech Fäll verzielen, me mir duerfen nött an Détailer agô'en, went der Gefôhr de fir verschidde Leit bestet. Duerfir können mir d'BBC nött dachs genug bieden an hieren Emissionen un d'Letzeburger ze appelleren, dach é fir allemôl besser op ze passen mat wen a wô se schwätzen.
Spitzelen sin genug dô, dé nömmen drop laueren fir eppes gewuer ze gin.
Iwerall hun d'Preisen der sötzen, op der Arbecht am Zug, am Tram, an de Wirtschaften, etc. Duerfir Letzeburger, wann dir eppes wösst, wann dir en kennt den sech ganz fir d'Hemecht asetzt ........ nöt geschwât.
Héert dir én oder den aneren dén tént, wann en och nött vill wéss, ( well e gudden Letzeburger dén schafft, den hällt de Monn zu, mëcht en dommt Gesicht a fällt gans a guer nött op )sôt him a gött him ze verstoen dass hén sech stöll ze hâlen huet, well durch sei Geschwetz a Gebrätz hén nömmen de Preisen hölleft an d'Letzeburger untwölleg a grôss Gefohr brengt.
Also Letzebürger opgepasst, meh virsechteg, neischt gesôt, well am we
" Vertrauen " sickert alles duerch bis un d'Gestapo.
Wann dir e Spitzel oder Quisling a Profiteur kennt, dann zeckt nött vir hen bei eren Kollegen blôssze stellen, macht de Morten onméglech an huelt iech d'Parole vun de Preisen zu Herz;

" ACHTUNG FEIND HOERT MIT "

---

D'Zeng Gebote fir d'Letzeburger dé sech verstoppen.

I)
Et betrefft all dé Letzeburger dé vun de Preisen agesât oder agezun könne ginresp; de schons gehol si gin, an de sech verstoppe wöllen oder sech schon verstoppt hun.

2) Macht er Vierberédongen lang am Vieraus, besprecht iech mat competente Leit wat der mache sollt, mais halt de Mond iwerall.

3) Wur gi mer hin . Git nemmen an eng Gegend an e Land wo der d'Sproch verstidd a schwätzt, git nemmen dur wo der iech wirklech=verstoppe=könnt.

4) Wât huole mer mat. Er Pabeieren, Gelda an Valeuren fir de Notfall, Klèder, Wäsch a Schong, dat solidst dât der hut, op iech, ké Brêf, ké Nuem a keng Adresse, all Instruktionen si auswenneg ze le'eren.

5) Mâcht er Rés eleng, hechstens zu zwé, macht iech kleng , keng Iwerstierzong alles mat Iwerléong. Bleiwt do wur der gut sid, schange'ert nemmen wann der Urder kritt oder a Gefohr sid.

6) Diciplin an alle Fäll, emmer an iwerall, op der Rés an op der Arbecht.. Weisst dass e Letzeburger sech hâlen a follege kann.

7) Sid zefridden mat allen, Wann et och net eso gut an eso schên we dohém ass, verlangt net méh we d'Omstänn iech gi können. bedenkt dat der et ho honnert Mol besser huet we a Russland oder am Trisong.

8) Solidaritêt Hâlt zesuommen a flegt er Freundschaften, mat ere Wirtsleit we mat ere Letzeburger an friemen Kameroden , Helleft iech én dém aner, iwerall an emmerzo,

9) Viersecht bei allem wât der macht, de klengst Onviersechtegkét brengt net nemmen iech persönlech a Gefohr, mais och er Frenn an onst gans patriotesch Vierk. Bedenkt dat der iech verstoppe sollt a net a Vakanz sid; git net eraus, bleiwt dohém, schwätzt mat kengem Friemen, macht iech net opfälleg, an engem Wuert = verstoppt = iech richteg. Schreift u ké Mensch och net un er Leit.

IO) Maul halen ass d'Hauptgebot; Et soll ké Mensch wessen wien der sit, wât der sit an wo der sit. ( we dê pur dê et ugeht ) och er Leit sollen de Mond hâlen. All de Verstoppt dé bis elo erwescht si gin, hun dat irgend engem gewollten oder ongewollten Maulen ze verdanken. Also nach eng Ké'er d'Maul halen, keng Fro stellen; nie en Nuom nennen, sech net bretzen a wichteg man, vu neischt eppes wessen.
We sed de Preiss; Viersecht beim Schwätzen, de Feind ho'ert mat.

---

Letzeburger, all dat ass gut, wât dem Preiss schuod.
We all gudde Scout jidder Dag eng gut Doht mache soll, eso kann och jidder gudde Letzeburger de Preise all Dag op irgend eng Manne'er schuoden.
All Letzeburger a Letzeburgerin dé fir d'Preise schaffe missen, kann all Dag eng Klengekét vergiessen oder falsch a verke'ert machen.
Do können d'Fraleit, dé de Preisen hirt knaschteg Gezeih wäsche missen d'... a d'Lächer an de Calecongen emmer méh grose man. All Schreiwer den e Bref verke'ert schreift oder ze spét fortschéckt, all Expediteur den eng Köscht zerekhällt oder falsch expedert, all Mensch dé gur net oder ze vill luos ... fir de Preiss schafft, mécht haut sei gut Vierk. all de Leit schaffen fir onst Land a gént de Preiss. den én verbraucht ze vill an den aner ze weneg, den én schmiert mat schlechtem Oleg an den aner iwerhapt net, all dât gut Leit, ass brav gemâcht mat all hierem = Ersatz = lesst sech eso villes entschöllegen, bei all hierem Fliegeralarm lesst sech eso gut träntelen a neischt man.

Belgian War Press

Iwerlet iech et, an dir fand all Dag e neie lewe klengen Trick fir dem Preiss ze schuoden an de Krich ze verkierzen. Dobei mecht et iech an dezen trauregen Zeiten vill Spâss an hémlech Fréd.
Mais mâcht all de kleng Spichten eleng, onbewacht an hémlech. Schwätzt net dovun, a bretzt iech net domat. Hâlt de Mond, sid viersichteg a losst iech net erweschen.

==================================

Bilan

Den I. Januar 44. sin et drei Joer gin dat d'L.P.L. (Letzeburger Patriote Liga) hiren e'schten Appell un d'Land gericht an d'Vollek zur Resistenz gént d'preisech Tyrannei opgeruff huot.
Drei Joer voll vu patriotesch Aktivitét, awer och vun Erger, Trénen a Bludd op dem Calvariebierg vun der letzeburger Onofhengigkét.-
Enn 1940 war et jider Letzeburger klor, dat den deitsche Gauleiter d'Volksdeutsche Bevegung (V.D.B.) mat Verspréchen a Gewalt, nemmen zu dém Zweck ageféert hat fir d'Annexion vu Letzeburg op eng cammo'd Art a Weis erbeizeféeren, an zugleich beim Ausland de Schein ze erwecken dé Letzeburger hätten sech selwer freiwelleg zom Deitschen bekannt.
Jidder Letzeburger wess och wé et Enn 1940 bei ons bestallt war, wé durch d'Versoen vun de politischee Leit, vu Chambre a Staatsröt, d'Land sech selwer iwerloss war, wé dann d'Verwaltongschefs als e'scht der Hémecht de Rek gekéert an d'subaltern Beamten direkt an indirekt mat an d'V.D.B. gezwongen hatten. Och ons Regirong zu London war em dé Zeit, trotzdém se net vollstenneg am Bild war, alarméert a beonro'hegt, ewell gemäss dem Gauleiter, d'Zuohl vun de Memberen vun der V.D.B. op 50 dausend gestige sollt sin.
An dém kritische Moment ass d'L.P.L. entstann, mat der Mission de Kampf gént d'Annexionspolitik vum Gauleiter, a gént d'Letzeburger Verräter Opzehuolen.
Wat an déne Ménd vun Héroischer Arbecht geléscht ass ginn, fir d'Flam vum Patriotisme an d'Lucht ze dreiwen, werd wuohl ni ganz bekannt könne gin. Awer mir denke mat Stolz an Emotion un all ons écht Memberen, a besonnesch och un ons Jongen, dé enner der Hetzjuegd vun der Gestapo d'Opklärong vum Vollek möndlech an durch Trakten bis an di klengst Dierfer durchgeféert hun, un ons Fraleit, dé ons Ziedeln a Photoen bis an di entléenst Familjen gedroen a Fongen fir onst Patriotischt Wierk gesammelt hun. Wé kennt haut net di sché Photo vun onser Gr. Duchesse, d'Hand um Wuopen virun de Nationalfarwen, zu hire Féssen d'Letzeburger Land, -é Méschterstek vun onsem Photograph, dé ewi eng Révélation gewirkt an iwerall Begéschterong hervirgeruff huot.
Durch all di héroisch Arbecht hätt d'L.P.L. erécht dat d'V.D.B. gestoppt ass gin ohni eng Majoritét ze erréchen, an dat de Gauleiter forcéert war d'Annexion vu Letzeburg op engem ânere Wé ze versichen.
Wat hätt et awer fir onst aremt Land bedeit wann démols ewell, also ufangs 4I, d'Annexion op Grond vun enger Majoritét vun der V.D.B. proclaméert wär gin ? Bis elo der Do'd vu villen Dausenden vun onse Jongen, an eng politisch Schân, enner dér onst Land fir éweg Zeiten ze droe gehatt hätt.
Den 2te gro'sse Sieg hun d'letzeburger Patrioten bei Geléenhét vum <u>Plébiscite vum 10. Oktober 4I. dervugedroen.</u>
Dir wesst alle guor, wé hannerlisteg di deitsch Regirong d'Formulären fir de Plébiscite rédigéert hat, a mat wat fir fusseg Artiklen de Gauleiter an der Press d'Leit wollt gléwen dun, géf sech nemmen em eng pur statistesch Volkszählung handelen.

C. W. O. II
C. 2 G. M.



Forts. Bilan.
Et ass de Mérite vun der L.P.L. dat se d'Land mat Zeiten iwer de richtege But vum Plébiscite opgeklärt an de Geheimbréf vum Rippentrop un de Gauleiter an Dausenden vun Exemplaren iwer d'Land verbréd huot. D'Resultat vum Plébiscite war jo och dementspréchend: En 99% ige Fiasco fir Deitschland.
Et war nun der deitscher Regirong klor, dat se Letzeburg nemmen um Wé vun der Gewalt annexéere konnt.
A Gewalt huot de Gauleiter ugewandt, brutal preisesch Gewalt. Massever=haftongen, Brutalitéit a Muord sin d'Verbréchen dé dem politische Gewalt akt vun der Inkorporation virausgange sin.
d'L.P.L. huot démols e puer Dág virum 30 August 42, dem schwarzen Dag vun der Annexion, virun enger schwéerer Décisi n gestann.
Wat war âneschter ze mâchen ewi zum Generalstreik opzerufen an domat feierleche Protest bei der ganzer Welt ze erhiéven, a vleicht vun der deitscher Regirong ze eréchen dat se hir Décision rekgängeg geng mâchen Ons Regirong war e puer Dég virdru per Message iwer d'Intentionen vun der L.P.L. informéert gin.
Dir kennt all guor de Verlâf an d'Suiten vun der Grève : Op deitscher Seit Wutausbroch, Standrecht, Erschéisse vu ville Patrioten, op der âner Seit Bewonnerong vun der gesamter alliéerter Press iwer "den unerhéerte Courage vun de Letzeburger, dén zur Revolt gént d'preisesch Besatzong an zur éschter organiséerter Massenrésistenz gént d'Nazie geféert huot." An ewell de 6 September konnt den englischen Aussenminister Mr. Eden per Radio virun der ganzer Welt déclaréeren : "Mir an England hu mat Bewonnerong a Sympathie d'héroisch Résistenz verfollegt, dé é klengt mé dapper Vallek der Nazi tyrannei entgént gesât huot. Dir Letzeburger sit énech an érem Hâss gént d'Nazien. Dir huet bewiesen dat dir wellt bleiwe wat dir wart, é Freit Vollek, an durch ére Courage an ér Résistenz huot dir éert Recht als frei Nation définitif etabléert."
Mat desen Haptepis den aus den drei leschte Joer ass awer d'Aktivitét vun der L.P.L. net zu Enn.
Gewoss hat d'L.P.L. eréicht 1° dat d'Annexion eso spéd wi méglech, d.h. érischt am September 42, erfollege konnt, 2° dat Deitschland é Gewaltakt huot misse poséeren fir se ferdeg ze brengen an 3° dat durch ons heroisch Résistenz onst Recht als frei Nation vun der Welt définitif unerkannt ass.
Awer de Widderstand vun de letzeburger Patrioten gét weider, trotz Terror an Déportation.
Weider gin dagdéglech ons Jongen durch d'Bascht, a werfen di verhâsst Uniformen an den Dreck " Was das Herz nicht will, mag der Leib nicht tragen ", an d'Mânsleit an d'Frâleit vun der L.P.L. hei an an der Friemd sin dagdéglech ennerwé, fir d'Jonge mat Geld a Lewensmettel ze versinn.
Aner kömmern sech em d'Redaktion an d'Diffusion vun der Geheimzeitong " Ons Hémecht - De freie Letzeburger " a scheie keng Gefohr fir dem Schennerhânnes a sengen Trabanten d'Woriicht ze soen, an onsen terroriséerte Matbirger Courage ze prédigen.
D'L.P.L. huot och nach aner Aktivitéten, iwer dé érischt nôm Krich Rapport gemacht ka gin. Si huot och é Program fir d'Nôkrigszeit, d'Sanktionefrô, etc. festgeluogt.
Ma dese Bilan wir net complett, wa mir net mat Stolz an Dank un all dé vill Dausend vun ense Memberen - ons Mârtyrer-denke gengen, dé an de Prisongen, an de Concentrations an Emsiedlungslagern, oder an der Verbannong eso schwéer gelidden hun a nach leiden, an de besonnesch un ons do'dig Mârtyrer dé hird Liewen fir d'Hémecht hu misse gin.
Wén ass am Stann d'Leidensgeschicht vun all dé brave Letzeburger ze schreiwen.

Forts.Bilan.
SI sin d'Bluddzeien vum Freihétswölle vu Letzeburg:Hinne gebirt Dank an Eer sulang wi letzeburger Hierzer schloen.
Si sin a bleiwen di schénste Blummen am gro'sse Kranz vum letzeburger Patriotisme.
Mir schléssen dese Bilan mat de Wiérder vun onser Gr.Duchesse,dé d'R.A.F.an engem Flugblad den I.Nov.42. iwer dem Land ofgewarf huot;
" Iwer d'Griéwer vun onse Verstuorvenen réchen sech all trei Letzeburger d'Hand zu engem feierleche Verspréchen : Mir ro'en a mir raschten net bis de Buodem erem frei ass wo' ons Do'deg schlôfen,bis ons Déportéert a Ver=schléft dohém sin,a bis d'Ruinen erem opgebaut sin dé d'preisesch Barbarei ugesteffft huot.D'Letzeburger Land vergesst net wat et den héroische Victimen vun der Trei zur Hémecht schelleg ass. "

Charlotte.

---

Gauleiter Simon,dir huot nemmen Onglek a Misère no Letzeburg Bruocht, Mir huot ons om égene Leiw ze spire gin wat Dir enner preisischer Neuordnung vestidd: Lug a Bedrug, Gaunerei, Plönnerei, Prisong, Concentrationslager, Verbannong, bestialisch Brutalitét, Muord .
Ma d'Stonn vun der Gerechtegkéd ass um schloen fir all di schändlech Verbréchen dé Dir um Letzeburger Vollek begangen huot.

---

Nén,dir Hongerlidder,den Härgott welt net zôlossen,dat dir op senger Welt jémols en Härevollek solt gin, a wann der wirklech dé Kaprice am Kapp solt hun,da fenkt un anescht ze denken an anescht ze handelen.Mat érer grausam sadistischer Krichsféerong, érer onmönschlecher Tortur vun de brawe Birger dénen hirt Verbrîchen nömmen do a besteht,hirt Land ze verdédechen,sit dir e Knêchtevolek, a mir Letzeburger wöllen ni an nömmer ér Knichte gin.

---

t' Preisesch Krichsverloschten.

---

Wi ons gemeld gät,ass a villen preisesehen Gemengen festgestald gin dat bis Enn 1943 -- 9 bis 12 % Männer am Krich oder durch t'Bombardementer gefal sin . Dat giewen bei ugehol 75 Millionen Einwohner haut schons 7.500.000 Mann doût oder gefang, A Gefangenen hun t'Alliêert der nöt vill gemach. Elo versti mer fir wat den Ustreicher onméiglech t'Verloschtlöschte ka puplizeîeren, An de Krich ass nach nöt ferdech,a wêni ass e ferdeg ? ? wann hien di richtech Zuol vun de Gefâlenen puplizéert a sech eng Kugel durch t' Klatz schêsst

---

Wat félt iech nach u Katastrofen, fir dem Ustreicher sei Gâlgen obzerichten.

===================

Eben könnt ons t'Meldong vu London dass den Här Minister Bech a Bespriêchong ass mat dem russesche Gesandten,iwer t'Loess vun onse Jongen dé gefange sin a Russland. An der éschter Zeit gin si ons Nouvellen durch B.B.C.

===================

Den Ustreicher sei Quatsch vun 30. Januar 1944.

O MAmm, O Mamm ; Wat ass den Adolfche kleng gin.
A senger ,warscheinlech am dêiwen Luftschutsraum zu Berchtegsgaden gehalener Riêd rîcht en é verkappten Appel un England fir sech mat de Preisen ze verbannen an t'Russen ze zerschloen. Eleng geng England bestömmt nöt mat de Russe ferdech,also t'Englänner musse sech mat de Preisen verstoe fir t'bolschewistisch Gefohr z'erdrecken. Och vun de jideschen,,Bakterien misst England sech frei man,da wäre se als Alliêert fir t'Dappland " allright "
Du armen Trapp, Huôsst du eng Ahnong fu wuûde Want könt, Dir kriminell Preissen sollt zerschloen a vernicht gin,iech soll fir e Johrhonnert a mêi t'Méglegkét enzunn gin,t'Welt eröm ant Ongleck ze geheien.
A senger Parsival's Fuôsenspsychose huôt den Ustreicher och nach t'Gaffe begang,domm a frech ze deklarêieren;
,, Mir Preisen si beruf, Europa wärent Jchrhonnerten ze dirigeîren ,,
,,, oder ze beherschen " ".
Domm Lucder , Mir wösse jo scho lang,dat deng Missioûn am Dappland nömmen dén Zweck huot : di all Idée vum Pangermanisme an't Wirklechkét ze setzen. Mais Adolfchen,gerad ewi de Giêpchen 1914/18 , bass de eragefall an elo kans de siohen,woû's de önner köns nom Krich.Holland ass zoûfir dech an deng Honsakolyten . Henk dech op , éfeltegen Dabo ..

---

--- Bre'fkëscht ---

( Vu Geld ass agangen )

| | | | |
|---|---|---|---|
| En Armonikaspieler | 50 Fr. | F.H. | 500 Fr. |
| E Strack fir den Simon | 50 " | Anonyme | 1000 " |
| Fir ons Jongen | 100 " | En dickerecher | 1000 " |
| Tullepant | 65 " | En Ettelbreker | 1000 " |
| Fir d'Hemecht | 100 " | Fir ons Hémecht | 1000 " |
| Schmats Grét | 100 " | E Puer Staterleit | 2000 " |
| Staline | 100 " | Divers | 2200 " |
| Fir brôd ze kâfen | 100 " | S.I. | 3000 " |
| Quetschen Târt | 200 " | E gudde Letzeburger | 1000 " |
| Vun engem onbek. Letzeburger | 200 " | Beaux-Fréres Renerny | 5000 " |
| Vum schéne Mischi2 mol | 200 " | An hei vun der Gruôssmamm | 15,000 " LONDRES |
| N° 46 | 250 " | | |
| N° 46/47 | 500 " | | |
| Qu'Hitler a la Gueule cassée | 500 " | | |
| Fir ons bescht Jongen | 500 " | | |

Bravo a villmols merci. Et géht ëmmer besser.

---

Liesst a verbréd an helleft dem " Freie Letzeburger "

Belgian War Press